2. Projet de loi 4872 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Niki Bettendorf *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dem Gesetz vun de Renteverbesserungen, dat mer de 5. Juni hei an der Chamber gestëmmt hunn, a wou dëse Mount scho vill Pensionnairen de positiven Impakt vun deem Gesetz ze spiere kritt hunn, esou hu mer et hei mat engem Gesetz ze dinn, wou et nach eng Kéier ëm Rente geet, an zwar ëm d'Invaliderenten.

Och dëst Gesetz wäert positiv Auswierkungen hunn. Virun allem geet et drëms, datt eis sozial Gesetzgebung an deem Sënn verbessert gëtt, verschidde Schwaachstellen auszemäerzen a Lächer am Sozialnetz ze flécken, e Netz, wat zwar schonns ganz enk geknäppt ass, mä wou et eben awer nach Lächer ginn. Ech muss alle Kommissiounsmemberen, eisem Sekretär, den zwee Ministeren an hire Mataarbechter, a virun allem och dem Conseil d'Etat e grousse Merci ausspriechen. Dank hirer Hëllef ass et haut méiglech dëst Gesetz ze stëmmen, an dat am Intérêt vu Matbierger, deenen et als Invalide jo net esou gutt geet.

Am Gesetz geet et ëm d'Incapacitéit fir ze schaffen an ëm d'Réinsertion an den Aarbechtsprozess. Wichteg ass ervirzesträichen, datt de Projet op en Accord baséiert, deen an der Tripartite fonnt gouf. Erwähne wëll ech hei, datt, obschonns de Projet vum Sozialminister deponéiert gouf, den Aarbechtsminister och en déckt Stéck vun der Aarbecht geleescht huet. Mir goufe schonns am Virfeld vum Projet iwwert den Accord an der Tripartite an d'Bild gesat an d'Beruffschamberen hunn hir Avisen eraginn. E leschten Avis vun der Chambre de Commerce zesumme mat der Chambre des Métiers hate mer gëschter Owend op eisem Courrier électronique. Ech wëll drops hiweisen, datt de Sozialminister schonns den 19. November 2001 d'Beruffskummeren ëm en Avis gefrot huet. Dem Conseil d'Etat säin Avis krute mer den 18. Juni.

An eiser Kommissiounssitzung vum 27. Juni hu mer esouwuel de Projet wéi dësen Avis am Detail examinéiert an dräi Amendementer ugeholl. Hei huet eis de Conseil d'Etat gutt gehollef. Schonns a senger Sitzung vum 2. Juli huet hien zu dësen Amendementer Stellung geholl, wat eis et erëm méiglech gemaach huet, an eiser Sitzung vum 8. Juli, de Rapport vun der Kommissioun unzehuelen an haut den 10. Juli dëst Gesetz ze stëmmen. Firwat eigentlech esou séier? Einfach, well et wichteg war.

Et goufen nämlech Problemer mat der bestehender Gesetzgebung, an dat opgrond vun enger Jurisprudenz vun 1996. Hei gouf zréckbehalen, datt d'Invaliditéit sech net nëmmen op déi lescht Aarbechtsplaz bezitt, mä par rapport zu deem gesamten Aarbechtsmaart ze kucken ass. Dat huet derzou gefouert, datt d'Demanden op Invaliditéit vill méi restriktiv gekuckt gi sinn. Dat huet mat sech bruecht, datt vill Persoune bis zum Maximum vun 52 Wochen zulaaschte vun de Krankekeese waren. Wann dann no dëser Zäit nach keng Décisioun betreffend d'Invaliditéit geholl gi war, da sinn dës Persounen duerch dat Netz gefall, wat ech virdrun erwähnt hunn. Si krute keng Invaliderent. Si waren incapabel fir ze schaffen, laut dem Certificat vun hirem Dokter. Si krute kee Krankegeld méi. Si konnte sech och net bei der ADEM disponibel fir den Aarbechtsmaart mellen, well se jo krankgeschriwwe waren, an domat krute si och kee Chômage-Geld. Dat war, respektiv ass d'Situatioun. Erwähne kann ech nach, datt d'Krankekeesen heiduerch mat bis zu 7,5 Milliounen Euro belaascht goufen.

Duerch d'Jurisprudenz vun 1996 verzeechne mer eng staark Baisse vun den zougestanenen Invaliderenten: 1998 e Minus vu 15% an 1999 eng supplementar Baisse vun 18%. Déi europäesch Instanzen, awer och de BIT, hunn op de schwaache Beschäftegungstaux zu Lëtzebuerg higewisen, wat d'Persounen tëschent 55 a 60 Joer ubelaangt. Dat ass net méi ze vertrieden, an dofir hu mer am Rentegesetz jo och en Incentive agebaut, fir dass méi laang geschafft gëtt, an och dës Invalidegesetzgebung geet an déi richteg Richtung. Mir wëllen awer net vergiessen, datt iwwert déi virdru ganz large Attributioune vun Invaliderente mer wahrscheinlech vill manner Aarbechtsloser an dëser Alterskategorie haten.

Schonns déi viregt Regierung hat eng duebel Invaliditéitsregelung virgesinn, déi eng generell an déi zweet professionell. Dësen Deel vum Gesetzesprojet gouf deemools fale gelooss, an am Kader vun der Tripartite gouf en Aarbechtsgroupe agesat fir auszeloten, ob et zu engem Konsens kënnt kommen. Dat war deemools net de Fall, mä et goufen awer eng ganz Rei gutt Iddien. Enn des Joers 2000 gouf den Dossier erëm op de Métier geholl an d'Sozialpartner goufen un engem neie Projet voll bedeelegt. Déi nei Versioun gesäit d'Méiglechkeete vir, e Maximum vu Salariéen op dem Aarbechtsmaart ze halen, iwwert de Reclassement op en anere Posten an der Entreprise oder an enger anerer Entreprise. Zu gläicher Zäit gëtt hinnen eng adequat Sozialofsécherung garantéiert, an zwar bei allen Etappe vun der Prozedur. Wann ech hei vun Etappe schwätzen, da sinn et net déi vum Tour de France, mä et sinn d'Etappen hei aus der Prozedur.

Déi zwee Ministeren hunn dem Conseil de Gouvernement den Avant-projet de loi presentéiert a schlussendlech huet de Koordinatiounskommitee vun der Tripartite den Avant-projet am Juni 2001 guttgeheescht. A sengem Avis goufen nach e puer Amendementer proposéiert.

Ech kommen elo zu de Solutiounen, déi duerch dëse Projet de loi envisagéiert sinn.

D'Sozialpartner hunn hiren Accord ginn, fir d'Aarbechter besser ze schützen, déi Gesondheetsproblemer hunn, Ofnotzungserscheinungen hunn oder invalid sinn. Och gi Mesurë virgesi fir déi Salariéen erëm an den Aarbechtsprozess anzeglidderen, déi net méi kapabel sinn, op hirem leschten Aarbechtsposten ze schaffen. D'Prozedur gesäit véier Etappe vir, wou déi eng de Relais vun där virdru soll huelen.

Éischt Etapp: De Kranke kënnt spéitstens de véierte Mount vu senger Aarbechtsonfäegkeet bei de Contôle médical. Do sinn dräi Méiglechkeete virgesinn:

a) Den Aarbechter ass weider krank. Säi Krankegeld gëtt weider bezuelt an e kënnt spéider nach eng Kéier bei de Contrôle médical zréck.

b) De Contrôle stellt fest, datt den Aarbechter net méi krank ass an datt en erëm muss schaffe goen. D'Krankekeess deelt him dës Décisioun mat an da kritt en och matgedeelt, dass an deem do Fall och kee Krankegeld méi bezuelt gëtt.

c) Den Assuré mécht d'Demande op d'Invaliderent.

Déi zweet Etapp, also d'Demande fir d'Invaliderent, ka véier verschidde Konsequenzen hunn:

a) Wann d'Invaliditéit constatéiert gëtt, da kritt den Assuré se, a säin Aarbechtskontrakt ass eriwwer.

b) Wa festgestallt gëtt, den Assuré wier net invalid, da geet den Dossier un den Aarbechtsdokter, deen examinéiert, ob de Betreffende seng lescht Aarbecht nach kann ausüben oder net.

c) Wann den Aarbechtsdokter keng Onfäegkeet fir ze schaffe feststellt, da geet den Dossier zréck un de Contrôle, deen der Krankekeess matdeelt, fir datt kee Krankegeld méi bezuelt gëtt.

d) Wann de Médecin du travail feststellt, dass de leschten Aarbechtsposten net méi vum Assuré ka besat ginn, da gëtt vun him d'Reclassementsprozedur déclenchéiert. Hie saiséiert déi Commission mixte, déi opgrond vun dësem Gesetz geschafe gëtt.

Elo si mer bei der drëtter Etapp ukomm, an zwar der Commission mixte. Si ass zesummegesat aus Vertrieder vun de Sozialpartner an de betreffende staatlechen Instanzen. Wann d'Kommissioun vum Dokter saiséiert gëtt, da muss se bannent 30 Deeg statuéieren, ob et zu engem Reclassement, intern an der Entreprise, muss kommen, oder ob et zu engem externe Reclassement kënnt op dem Aarbechtsmaart. Géint d'Décisioun vun der Kommissioun ka Recours ageluecht gi beim Conseil arbitral vun den Assurances sociales bannent 40 Deeg vun der Notifikatioun vun der Décisioun un.

Dës Commission mixte ass also en neit Organ an der Sécurité sociale. Heimat ginn all déi aner Recoursrechter, déi am Code des assurances sociales virgesi sinn, net ofgeschaaft. Si bleiwe bestoen, an dat hei huet och keng Répercussiounen op d'Protection des données vun de Patienten.

Wat den interne Reclassement ubelaangt, gesäit de Projet Folgendes vir: All Entreprise mat méi wéi 25 Salariéë muss intern reclasséieren, wa se hiren Obligatiounen net nokomm ass, déi am Gesetz sti wat déi handicapéiert Aarbechter ubelaangt. Et ass awer virgesinn, wann d'Entreprise de Beweis erbréngt, datt dat net méiglech ass, datt d'Commission mixte dann d'Prozedur vum Reclassement externe déclenchéiert. Déi aner Entreprisë kënnen och fräiwëlleg reclasséieren. Wann intern eng nei Schaff fonnt gëtt, da kritt de Salarié iwwert de Fonds pour l'emploi eng Compensatioun fir den Ënnerscheed tëschent der viregter an der jëtzeger Pei, awer plaffonnéiert bis op fënnef mol de Mindestloun.

Beim obligatoresche Reclassement huet de Salarié nach eng speziell Protectioun géint seng Entloossung, an zwar während engem Joer. Wann de Patron no deem Joer awer licenciéiert, da muss hien un de Stat eng Compensatioun bezuelen, an zwar 50% vum soziale Mindestloun bis zu enger maximaler Dauer vun zwee Joer. Dat hei stellt dem Patron säi Beitrag duer un de Fräen, déi beim externe Reclassement entstinn, wou d'ADEM de Relais iwwerhëlt. Eng ähnlech Tax gëtt et och schonns am Gesetz vun 1991 wat d'Travailleurs handicapés ubelaangt.

E Patron, deen intern reclasséiert, kritt entweder Steiervergünstigungen oder déi Hëllefen, déi virgesi si beim Astelle vun Handicapéierten. De Patron, dee fräiwëlleg reclasséiert, kann déi Hëllefen och cumuléieren. Wann intern keng Méiglechkeet besteet, dann décidéiert d'Cornmission mixte den externe Reclassement an de Betreffende gëtt als Demandeur d'emploi ageschriwwen a kritt iwwert dee Wee Chômagegeld.

Fir dat Ganzt gutt ze géréieren, kritt d'ADEM eng nei Sektioun, an zwar den „Service des travailleurs à capacité de travail réduit".

Wann de Salarié eng Externe, dat heescht en neie Patron fënnt, dann huet hie Recht op déiselwecht Compensatiounen ewéi dat beim ale Patron de Fall gewiescht wier. Den neie Patron huet Recht op Hëllefen an och op fiskalesch Bonifikatiounen.

Ech kommen elo zu der véierter Etapp, déi am Projet virgesinn ass: Wann den Aarbechter keng Plaz fonnt huet während der legaler Period, wou e Chômagegeld krut, dann huet hie Recht op eng Indemnité d'attente. De Betrag, deen e kritt, entsprécht deem vun der Invalidepensioun. Hie muss fir den Aarbechtsmaart disponibel bleiwen an hie kritt déi Indemnitéit nëmmen, bis fir hien eng appropriéiert Plaz fonnt gouf.

Par contre, an der Zukunft huet d'Invalidepensioun en definitive Charakter. Een dee se huet kritt se net méi vum Contrôle médical ewechgeholl. Dat war bis haut ëmmer esou ewéi en Damoklesschwert, wat engem iwwert dem Kapp geschwieft ass, an huet oft zu ganz dramatesche Situatioune gefouert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass bal alles wat am Gesetz steet. Derbäi kënnt nach, datt d'Indemnité compensatoire vum Fonds pour l'emploi iwwerholl gëtt an datt d'Indemnité d'attente vun der Assurance-pension bezuelt gëtt.

Dës ganz nei Organisatioun kann net ouni Personal fonctionnéieren an dofir muss agestallt ginn. Am Contrôle médical vun der Securité sociale sinn et véier Leit, an zwar dräi Dokteren, déi Fonctionnaire ginn, an ee Redakter. Beim Conseil arbitral sinn et der véier: ee Riichter, dräi Dokteren an ee Redakter. Am ganzen also sechs Dokteren – géif mäi Kolleeg Alexandre Krieps soen –, déi mer net méi an der liberaler Medezin erëmfannen.

Här President, d'Avise vun de Beruffschambere waren duerchwees positiv. D'Chambre de l'Agriculture huet hir Zoustëmmung ginn a weist weider drop hin, datt et eng grouss Differenz gëtt bei der Invalidepensioun tëschent Salariéen an net Salariéen. D'Chambre de l'Agriculture mécht am Ableck Réflexiounen iwwert d'Invaliditéit bei Baueren a léisst déi dann dem Sozialminister zoukommen. D'Beruffschamber vun de Fonctionnaires et Employés publics huet de Projet approuvéiert. D'Aarbechterkummer ënnerstëtzt de Projet. Si hate Problemer virun allem mat engem viregten Text. Well dee verbessert ginn ass, brauch ech net do drop anzegoen, mä op Schwieregkeeten, déi si mam Artikel 16 hunn, kommen ech nach am Kommentar zu den Artikelen zréck.

Och d'Chambre des Employés privés gesäit de Projet als eng nett Verbesserung zu der bestehender Situatioun un. Si sträichen ervir, datt dee Vide juridique combléiert gëtt, wou de Betraffenen duerch d'Sozialnetz fält, wann en d'Invalidepensioun refuséiert kritt. Si hätte léiwer gesinn, datt tëschent dem Gesetz vum 17. Juni 1994 an dem heutege Gesetz Passerellen agebaut gi wieren.

De gemeinsamen Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers ass duerchwees och positiv. Si weisen drops hin, datt an der leschter Décennie, also an deene leschten zéng Joer, jährlech méi Invalidepensiounen zougesprach goufen ewéi Alterspensiounen. Dat ënnersträicht och d'Wichtegkeet vun dësem Gesetz.

Här President, ech wëll nach kuerz op de Kommentar vun e puer Artikelen aus dem Gesetz agoen, well mer se net alleguerten à l'unanimité an der Kommissioun ugeholl hunn.

Zum Artikel 5 huet den Här Di Bartolomeo en Amendement eraginn, deen an der Kommissioun mehrheetlech verworf ginn ass. Ëm wat geet et?

Ech liesen lech déi zwee Texter vir zum bessere Verständnis. Am Regierungstext ënnert 5(2) steet: „Si, au terme de la durée légale du paiement de l'indemnité de chômage, le travailleur visé à l'article 1er n'a pu être reclassé sur le marché du travail ordinaire, il bénéficie d'une indemnité d'attente, dont le montant correspond à la pension d'invalidité à laquelle il aurait eu droit." E kritt also datselwecht ewéi d'Invaliderent, mä e muss disponibel bleiwe fir den Aarbechtsmaart.

Dem Här Di Bartolomeo säin Text seet: „Si au terme de la durée légale du paiement de l'indemnité du chômage, le travailleur visé à l'article 1er n'a pu être reclassé sur le marché du travail ordinaire, il bénificie de la pension d'invalidité." Punkt!

Den Ënnerscheed tëschent deenen zwee Texter ass, datt no der véierter Etapp jiddfereen d'Invaliderent kréisch, op en invalid ass oder net.

Als Rapporteur maachen ech dozou kee Kommentar. Interessant ass natierlech awer d'Motivatioun, déi den Auteur ginn huet. Hie seet, mir géifen d'Travailleurs immigrés an d'Frontalieren diskriminéieren, well d'Indemnité d'attente nëmme géif op de Lëtzebuerger Rechter gelten oder gerechent ginn, ouni déi eventuell accumuléiert Rechter aus anere Länner unzëerkennen.

De Regierungsvertrieder huet eis erkläert, datt et op dësem Gebitt keng Ofkommesse gëtt mat den direkten Nopeschlänner, an no sengen Explicatiounen ass d'Chamberkommissioun majoritär beim Regierungstext bliwwen. Et ass och gesot ginn, dass mat Portugal esou en Ofkommes géif bestoen.

Am Artikel 14 ware mer eis och net eens. De Regierungstext seet: „l'indemnité pécuniaire cesse le jour de la notification de la décision de la commission mixte sur le reclassement". De Conseil d'Etat huet gemengt, et sollt gewaart gi bis d'Décisioun definitiv wier, dat heescht all Recoursméiglechkeete missten ausgeschöpft sinn. Majoritär ware mer der Meenung, datt dat kënnt zu Mëssstänn féieren, an déi virgeschloe Solutioun kënnt sech esouguer géint den Assuré auswierken, wann d'Délaien, wou hie protégéiert ass, op en Neits iwwerschratt géife ginn.

Eng Minoritéit an der Kommissioun huet gemengt, de Salarié wier mam Regierungstext net genügend geschützt.

Am Artikel 15 geet et ëm d'Délaien déi am Gesetz stinn a wou festgehale gëtt, wéi séier déi eenzel Décisioune musse geholl ginn. De Conseil d'Etat versteet eis Suerg, datt et soll esou schnell ewéi méiglech goen, mä e mengt mir wiere mat eisem Text vläicht e bëssen ze schnell. Eis Kommissioun war awer der Meenung, mir solle bei de kuerzen Délaie bleiwen, fir dem Salarié eng besser Protectioun ze garantéieren.

Beim Artikel 16 gesäit de Projet vir, datt d'Kritäre vun der Invaliditéit kënnen iwwert Règlement grand-ducal preziséiert ginn. De Conseil d'Etat war der Meenung, eng méi genau Definitioun vun de Kritäre kënnt d'Interpretatioun vum Gesetz méi einfach maachen. Och d'Chambre de Travail fuerdert, datt d'Kritäre vun der Invaliditéit am Gesetz verankert ginn. Eis Chamberkommissioun huet awer zréckbehalen, datt et eng Saach vun der Onméiglechkeet ass fir all Zorte vu Pathologien an e Gesetz eranzeschreiwen a versteet, firwat dat hei kann iwwert Règlement grand-ducal definéiert ginn, wann et sech als néideg géif erweisen. Dat géif nämlech e ganz déckt Buch ginn. Ech weess elo net méi den Numm vun deem Buch an der Belscht, awer vläicht ass een heibannen, deen dat nach kann explizéieren.

Den Artikel 18 ass am Kontext vum Artikel 14 ze gesinn. Och hei hätt de Conseil d'Etat léiwer gesinn, wann den Dag vum A-Kraaft-Trieden den Dag wier wou d'Décisioun vun der Commission mixte definitiv gëtt, während de Regierungstext zréckbehält: „le jour de la notification de la décision de la commission mixte". Initialement war de President a Rapporteur vun der Kommissioun der Meenung, datt mer d'Propositioun vum Conseil d'Etat hätte kënnen iwwerhuelen. Trotzdeem hu mer eis misse konsequent bleiwe par rapport zum Artikel 14 a mir si majoritär beim Regierungstext bliwwen.

Zum Schluss weisen ech nach eng Kéier drop hin, dass dëst Gesetz op engem Kompromiss baséiert, deen am Kader vun der Tripartite fonnt gouf. A wann een eesäiteg un e Kompromiss fréckele geet, da riskéiert dat Ganzt an d'Bréch ze goen. Dat ass net gutt.

Als Kommissioun proposéiere mir lech dofir en équilibréiert Gesetz an zielen op eng grouss Zoustëmmung hei an der Chamber.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Marcel Glesener.

Discussion générale

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, säit méi wéi véier Joer gëtt iwwer eng Reform vun der Invaliditéitsgesetzgebung diskutéiert a verhandelt.

Dee virleiende Reformprojet ass d'Resultat vun engem schwéier zustane kommende Kompromëss an der Tripartite. Dëse Kompromëss léist net all d'Problemer, esou wéi déi verschidde Parteien an de Verhandlungen sech dat virgestallt haten. De Kompromëss ass fragile, mä en ass onverzichtbar an dofir war, wéi de Kolleeg Niki Bettendorf dat elo gesot huet, d'Majoritéit an der zoustänneger Kommissioun gutt beroden, fir de Kompromëss net a Fro ze stellen an net ze zerstéieren.

D'Zilsetzunge vun dësem Projet, déi sinn am Exposé des motifs däitlech ëmschriwwen. Datselwecht ass erëmzefannen am schréftleche Rapport vun eisem Kolleeg Niki Bettendorf. Seng mëndlech Erklärungen ergänzen a verdäitleche ganz genau dat, wat beabsichtegt ass, a wéi dës Zilsetzunge solle verwierklecht ginn. Am Numm vun eiser Fraktioun eis voll Unerkennung un d'Adress vum Berichterstatter.

Des Weidere begréisse mer d'Tatsaach, dass et och méiglech war, dëse Projet nach virun der parlamentarescher Summerpaus ze verabschieden.

No den Explikatioune vum Rapporteur, mengem Kolleeg Niki Bettendorf, bleift u sech net méi ganz vill ze soen. Erlaabt mer just e puer wesentlech Froen nach kuerz ze ënnersträichen.

Wat wëlle mer mat dësem neie Gesetz verhënneren?

1. Dass Betriber, déi opgrond vu Restrukturatioune Personal ofbauen, Leit, déi aus gesondheetlechen oder Altersgrënn net méi eng voll Leeschtung bréngen, an d'Invaliditéit ofschieben.
2. Dass Mënschen, déi am Alter, no enger Krankheet, no engem Unfall, opgrond vu gesondheetleche Schied, net méi amstand sinn, hir lescht Aarbecht auszeüben a keng Invaliderent zouerkannt kréien, an eng prekär finanziell Lag kommen an hiert Liewen an dat vun hirer Famill net méi gestalte kënnen, résuméiert gesot, sech mat enger mënschenonwürdeger Situatioun konfrontéiert gesinn.

D'Objektiver si klor. Dat wollte mer an Zukunft verhënneren an ausschléissen.

Déi nei gesetzlech Bestëmmunge verfollegen eng Rei vun Ziler:

1. Kann eng Persoun opgrond vun hirem gesondheetlechen Zoustand hir Aarbecht op hirer leschter Aarbechtsplaz net méi ausüben, esou gëtt schnellstméiglech versicht, dass se an hirem Betrib eng aner Aarbecht, déi hire Kapazitéiten entsprécht an ouni Lounverloscht, kritt.
2. Geléngt dat net, gëtt versicht, esou eng Aarbecht an engem anere Betrib ze fannen.

   Déi ganz Prozedur opläit enger strenger ärztlecher Begleedung, Berodung, ënner Ëmstänn souguer Ëmschoulung, an dat am Interesse vum Betraffenen.
3. Féiert esou eng Prozedur zum Erfolleg, esou kritt dee Betraffenen en erweiterte Kënnegungsschutz, wat net onwichteg ass.
4. Sollten awer dës Démarchen net zu enger Integratioun an d'Beruffsliewe féieren, esou kritt de Betraffenen eng sozial a finanziell Ofsécherung, déi si kann:
   - eng Aarbechtslosenënnerstëtzung,
   - e Wartegehalt, wat der Héicht vun der Invaliderent, déi him géif zoustoen, entsprécht.

5. Et soll och nach erwähnt sinn, dass während der Sich op Integratioun déi Zäit, wou Krankegeld bezuelt gëtt, ka verlängert ginn.

D'Prozedure bis zu enger definitiver Klärung gi wesentlech verkierzt.

A wann d'Invaliderent eng Kéier décidéiert ass, bleift se definitiv. Dat huet zur Folleg, dass déi oft lästeg Nokontrollen ewechfalen.

Dës Neifaassung vun der berufflecher Invaliditéit, esou wéi den Niki Bettendorf dat hei ganz däitlech ervirgestrach huet, bedeit ee Méi u Rechtssécherheet, u sozialer an aarbechtsrechtlecher Ofsécherung, u finanzieller Sécherheet, u Méiglechkeeten, säin eegent Liewen an dat vun der Famill ze plangen an ze gestalten, ouni an eng prekär Situatioun vun Ofgrenzung ofzerutschen.

Et bestong en akuten Handlungsbedarf. De Projet ass ee fragile Kompromëss, d'Resultat vu schwierege Verhandlungen tëschent de Sozialpartner mat der Regierung, dat heescht mam Aarbechtsminister a mam Sozialminister. Ech géif am Numm vun eiser Fraktioun deenen zwee Ministere wëlle merci soen, fir hiert Engagement, fir trotz deene schwierege Verhandlunge mat de Sozialpartner e Resultat erbäizeféieren.

Jiddfereen huet misse Verantwortung iwwerhuelen. D'Regierung, d'Gewerkschaften, d'Vertrieder vun den Arbeitnehmer awer och vum Patronat. Och dat sief gesot, well si schliesslech all mat responsabel gi fir d'Reintegratioun vun engem Aarbechter, deen aus gesondheetleche Grënn net méi seng Aarbecht op senger leschter Aarbechtsplaz kann ausüben.

Et läit ënner anerem och an eiser Verantwortung, fir deen elo net einfach erreechte Kompromëss net a Fro ze stellen. Aus deem Grond hu mer eng ganz Rei vun Amendementer ofgelehnt, a wa se zum Vote géife gestallt ginn, wäerte mer se weiderhin oflehnen, wa se de Kompromëss a Fro stellen. Dat wëllt och soen, dass mir eis am Kloren driwwer sinn, dass dëst Gesetz net all Problemer wäert léisen. Mir sollen dofir, an dat ass e Wonsch vun eiser Fraktioun un d'Adress vun der Regierung, an zwee Joer e Bilan zéien an da versichen, eventuell Onzoulänglechkeeten auszebigelen.

Et ass dat, wat ech nach wollt unhänken un dat, wat de Kolleeg Bettendorf däitlech virgedroen huet.

Zum Ofschloss wëll ech soen, dass no där Pensiounsreform, déi den 1. Juli réckwierkend op den 1. Mäerz a Kraaft getrueden ass, dëst Gesetz eng weider bedeitend sozialpolitesch Verbesserung duerstellt. An deem Sënn gëtt d'CSV hir Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Häre Ministeren, fir unzefänke wëll ech direkt soen, dass d'Sozialisten d'Neiregelung vun der Invaliditéit an d'Moossname fir eng besser berufflech Reintegratioun wäerte stëmmen, well dat Gesetz noutwendeg ass a well et e Konsens tëschent de Sozialpartner aus der Tripartite duerstellt.

Dat wëllt awer net heeschen, dass dat Gesetz keng Schwaachstellen huet. Et wëllt och net heeschen, dass et evident ass, fir d'Gesetz an d'Praxis ëmzesetzen, well et eng ganz Rei vun Neierunge beinhalt a well et dovu wäert ofhänken, wéi déi nei Organer mat de bestehenden Organer zesummeschaffen a wéi d'Zännrieder anenee wäerte gräifen, fir de Relais ze erlaben tëschent deene verschiddene Prestatiounen, déi et an eiser Sécurité sociale, an eisem Aarbechtsrecht gëtt.

Wa mer dat Gesetz hei stëmmen, hu mer nach net gewonnen. Mir hunn d'Basis, mä op d'Ausféierung wäert et ukommen. A wann Der mat Fachleit aus der Praxis schwätzt, da gitt Der gewuer, wat an der praktescher Applikatioun wäert op lech zoukommen a wéi vill Blocageméiglechkeeten dëst Gesetz nach beinhalt.

Ze oft héiert een aus Béierdëschgespréicher eraus, dass et am Fong geholl eng Faveur wär, wann een invalid erkläert gëtt an aus dem Aarbechtsmaart ausscheed.

Zulescht hunn d'Expäre vum Bureau international du Travail ähnlech Iwwerleeunge gemaach. Si hunn d'Invaliditéitsregelung zu Lëtzebuerg als breet opstoend Hannerdier an eng fréizäiteg Pensioun bezeechent. Vill ze vill Leit géife vun deene gënschtege Regelunge profitéieren, géifen ze fréi vum Aarbechtsmaart verschwannen a géifen d'Pensiounskeessen deier ze stoe kommen.

Leider hunn déi international Expäre sech op laang iwwerholle Statistike beruff an d'Realitéit, wat d'Invaliditéit oder d'Beruffsonfäegkeet ugeet, ass zu Lëtzebuerg eng aner.

Den Invalid, dat soll ee ganz klor soen, ass meeschtens net deen Drückeberger, dee Lidderhanes oder dee Simulant als deen en heiansdo duergestallt gëtt. Et ass e Kranken, meeschtens Beruffskranken, dee psychesch, psychologesch a kierperlech vu senger Aarbecht kann iwwerfuerdert sinn oder vum Schaffe schlechthin.

Oft, an dat muss ee soen, an ech hunn där a menger deeglecher Praxis als Buergermeeschter ganz oft viru mir stoen, géifen déi Leit gäre weider schaffen, mä si kënnen et net méi op där Aarbecht oder souguer net méi um normalen Aarbechtsmaart schlechthin.

Mir vergiesse ganz oft, dass de Mënsch net een Automat ass a vill a senger Beruffscarrière ka passéieren. Een, Här Minister, dee mat 20 Joer fit a flott fir den Aarbechtsmaart ass, ka parfaitement mat 50 Joer net méi à-même si fir an deem Beruff, oder iwwerhaapt an engem Beruff, ze schaffen. Dee beschten Aarbechter oder Beamte ka mat Evénementer a sengem Liewe konfrontéiert sinn, wou et op eemol wierklech net méi geet.

Dofir kommt mer maachen dat net, wat mer emol eng Kéier mam RMG gemaach hunn a wat sech als net berechtegt gewisen huet, dass mer méi vun den Abüe schwätze wéi vun deene ville Fäll, wou déi hei Regelungen eng immens Noutwendegkeet ass.

Et ass extrem wichteg, flexibel Méiglechkeete bei gesondheetleche Problemer bei der Aarbecht ze fannen. D'Aarbecht unzepassen, d'Aarbecht ze wiesselen, an engem Betrib oder och ausserhalb, an deem Rechnung ze droen, wat an enger Beruffscarrière ka geschéien an dat ze verhënneren, wat virdrun zu Recht vum Rapporteur an och vu mengem Virriedner gesot ginn ass, dass an deem Sozialnetz mat deene klengste Lächer awer nach Lächer bestinn, wou eenzel Leit drafalen. Dat soll de Sënn vun dësem Gesetz sinn.

Schonn ëmmer goufen et awer Problemer beim Iwwergank vun enger laanger Krankheet an d'Invaliditéit oder déi provisoresch Invaliditéit. Oft ass een an där Situatioun beim Iwwergank vu Krankheet an Invaliditéit oder provisoresch Invaliditéit eben duerch dat Sozialnetz gefall, wann e Refus virlong an een an där bestoender Situatioun net opgefaange ginn ass oder net opgefaange konnt ginn.

Seriö Problemer goufen et och bei der provisorescher Invaliditéit. Ech si mer net sécher, ob déi elo definitiv geléist sinn. Menger Meenung no misst de Relais geschafe si bei der provisorescher Invaliditéit, wou oft no laanger Zäit, wou ee provisoresch invalid war, een no engem Contrôle médical gesot kritt huet, du bass absolut erëm apte fir den normalen Aarbechtsmaart. A souguer een heiansdo gesot kritt huet am Juni, dass een am Juli gefällegst sollt erëm untrieden. A wann dee sech da gemellt huet, huet d'Invaliditéitauszuelung opgehalen an en hat kee Recht op Chômage.

Dat waren eigentlech déi dramateschst Situatioune mat deenen ee konfrontéiert war, wann een aus heiterem Himmel mat esou enger Situatioun konfrontéiert ginn ass.

Wann de Minister mech ka berouegen, dass déiselwecht Regelung, déi beim Refus vun der Invaliditéit gëllt, och bei der provisorescher Invaliditéit an Zukunft gëllt, wann déi net méi spillt, an dass een dann automatesch iwwert d'Aarbechtsamt vun de Prestatioune vum Chômage kann opgefaange ginn. An esou Situatiounen ass de Leit oft weider näischt aneschters iwwreg bliwwen, wéi den RMG ze beantragen, wat, mengen ech, net déi ideal Situatioun war.

Wéi gesot, et gouf also schonn ëmmer Problemer an den Iwwergäng, mä d'Situatioun a Saachen Invaliditéit huet sech ab 96 an der Applicatioun 97 seriö verschlechtert. Bis zu där Jurisprudenz, déi geschafe ginn ass, an deem Uerteel, wou de Rapporteur, den Här Bettendorf, drop higewisen huet, ass d'Invaliditéitsregelung zimlech grousszügeg gehandhaabt ginn. Wann een d'Joer 1996 kuckt, do gouf et bei 3.500 Demanden nëmmen zéng Prozent Refusen. Dat heescht et kann ee sech ausrechne wéi vill Invaliditéitsdemandë berücksichtegt goufen.

Wa bis dohin déi duebel Konditioun, déi am Gesetz virgesi war, an zwar d'Onfäegkeet déi jëtzeg Aarbechtsplaz auszeüben an d'Onfäegkeet insgesamt um Aarbechtsmaart eng Aarbecht auszeüben, relativ flexibel interpretéiert ginn ass, ass ab 1997 déi duebel Konditioun genee gepréift an et ass gekuckt ginn, engersäits, konnt ee seng eegen Aarbecht nach ausféieren. Wann dat net méi de Fall war, da konnt een awer nach ëmmer um normalen Aarbechtsmaart placéiert ginn. Wann een zur Konklusioun komm ass, dass eng Chance do war, fir placéiert ze ginn, dann huet een d'Invaliditéit refuséiert kritt. D'Konsequenz ass, no där vill méi restriktiver Interpretatioun vun eisem Gesetz, dass d'Zuele vun den akzeptéierten Invaliditéitsdemanden erofgaange sinn.

Erstaunlech ass awer – an dat ass, mengen ech, an der Diskussioun net esou ervirkomm –, dass ab dem Joer 1997 d'Demanden drastesch zréckgaang sinn.

(Interruption)

Voilà, well sech ganz séier erëmgeschwat huet, dass d'Chancen a Grenzfäll extrem kleng waren. Fir dat ze illustréieren: 1997 si bei 3.100 Demanden 18% refuséiert ginn, 1998 waren et schonn nëmme méi 2.400 Demanden an et sinn der 25% refuséiert ginn, 1999 ass d'Zuel vun den Demanden nach weider zréckgaang, et sinn der 27% refuséiert ginn, an 2000 hate mer nach just 2.200 Demanden an et sinn der 34% refuséiert ginn, 2001 waren et nëmmen nach just 2.000 Demanden an et sinn der ëmmerhin nach 31% refuséiert ginn.

D'Statistike sinn also fir eng Kéier ganz kloer. Bei manner Demandë sinn der méi refuséiert ginn.

(Interruption)

Genee, ech mengen, déi Iwwerleeung ass mat erakomm. Dat heescht an deenen dote Fäll ass et zu enger zousätzlecher Belaaschtung vun de Krankekeese komm an d'Pensiounskeese sinn zum Deel entlaascht ginn.

Et si ganz vill Härtefäll opkomm, well keng Opfangstrukturen an där doter Situatioun do waren. Schwéier vermëttelbar Leit, déi gesot kritt hunn: „Dir kënnt parfaitement weider schaffe goen" sinn net duerch de Chômage opgefaange ginn, wa se während enger ganzer Rei vu Méint oder bis zu engem Joer an dem Krankeschäin waren.

Zënter 1997 ass enger Rei vu Leit näischt aneschters iwwreg bliwwe wéi den RMG ze beantragen, wat jo keng Schan ass, mä wat awer eng Prestatioun ass, déi vill méi niddreg ass wéi dat, wat se zegutt gehat hätten, wa se d'Invaliditéit kritt hätten.

D'Leit – dat muss ee soen – sinn, säit 1997, net méi gesond an et sinn net manner Problemer do, mä déi

zoustänneg Instanze si méi rabiat oder méi onbaarmhäerzeg mat de Leit ëmgaang. Mam Gesetz, dat eis haut virläit, soll déi Situatioun geännert ginn an et soll e bessere Schutz fir déi Betraffe geschaaft ginn.

Et ass eng Rei vu gudden Zilsetzungen an deem Gesetz dran. Esou sollen d'Instrumenter bei der Invaliditéit oder der Deelberuffsonfäegkeet ausgebaut ginn. Si sollen diversifizéiert ginn. Si solle koordinéiert ginn a si solle besser anenee gräifen. Dir gesitt also scho wéi vill där Ziler sech matenee verbannen a wéi schwéier dass et wäert sinn, fir déi doten Absichtserklärungen a Musik ëmzesetzen.

Doriwwer eraus soll d'Netz fir déi méiglech Fäll, déi duerchfale kënnen, méi enk gespaant ginn. D'Décisiounsstrukture sollen ergänzt ginn. Et gëtt zwou nei Instanzen oder zwou nei Déngschtstelle geschaaft an d'Sozialpartner solle mat agebonne ginn, besonnesch an déi nei geschafe Commission mixte. Déi soll als Haaptmissioun, grad wéi dee speziellen Departement an der ADEM, fir déi intern an extern Placementer an de Betriber zoustänneg sinn. Et soll zu enger besserer materieller Ofsécherung kommen an d'Prozeduren, wat löblech ass, sollen accéléréiert ginn. Et sollen dann Incentivë geschafe gi fir Leit, déi reclasséiert ginn. Dat betrëfft d'Salariéen an d'Patronen, déi bereet sinn, Reclassementer intern oder extern ze maachen.

Et soll méi eng flexibel Situatioun ginn, wat positiv ass, mä et gi méi Beräicher implizéiert an déi méi flexibel Regelung. Niewent de Betriber sinn et d'Krankekeesen, et ass de Ministère du Travail, et ass d'Administration de l'Emploi, et ass d'Solidarité sociale, stellt lech vir erëm eng Kéier alleguer déi verschidden Instanzen, déi zu iergendengem Zäitpunkt erakommen. Dann nei Gremien, déi mat bestoende Gremië mussen zesummeschaffen, wéi de Contrôle médical, wéi d'Médecine du travail, wéi d'Commission mixte, wéi de Conseil arbitral, wéi de Service des travailleurs à capacité réduite.

Dir gesitt also erëm eng Kéier: Et sinn eng ganz Rei vu Stufen, déi an deem dote Gesetz mussen iwwerschratt ginn an do sinn e ganze Koup Stolpersteng dobäi, wa mer net hällesch oppassen, ginn et also Méiglechkeeten, fir ze blockéieren. Duerfir eis Suerg an der Kommissioun, wou mer laang – net laang genuch, muss ech lech soen, well mer op eemol an Zäitnout komm sinn – iwwer eenzel Problemer, déi kënnen optrieden, diskutéiert hunn a wou mer Hëllef vun de Beruffschambere kritt hunn, déi mer leider net alleguer konnte considéréieren, well se Retard haten. Ech muss soen, wann een esou laang Zäit hat: Selwer schold, mä et deet eis awer Leed, dass mer déi doten Iwwerleeungen net an eis Aarbechte konnte mat abezéien.

Et gëtt also méi Méiglechkeeten a manner Risiko, dass de Salarié virum Näischt steet. Congé de maladie, reclassement interne an externe mat Kompensatioune fir de Salarié gräifen aneneen. A wann all Strécker räissen, hu mer eis eppes Neits afale gelooss, eis Allocation compensatoire, dat heescht, wa mer kee Recht méi op Krankegeld hunn, wa mer net d'Invaliditéit kréien, wann de Chômage ofgelaf ass, dann hu mer un déi Allocation compensatoire, déi nei Allocatioun geduecht, déi gläichgestallt ass mat der Invaliditéit, mä awer net d'Invaliditéit ass. Se huet déiselwecht Héicht wéi d'Invaliditéit, mä däerf awer net Invaliditéit heeschen. Ech kommen herno schnell nach eng Kéier drop zréck.

Ech probéiere kuerz op déi Enjeuen an der Kommissioun anzegoen. Mir hunn eis gewënscht, an ech mengen, dat sinn d'Sozialpartner gewiescht an dat war d'Regierung an dat waren och déi Leit, déi an der Kommissioun waren, dass mer Relaise schafen, déi ouni Iwwergäng an ouni Lücken anenee gräifen. Richteg ass, dass eng Rei vu Relaise geschaaft goufen, mä, muss ech lech soen, dass net all Lacunen, an dass net all Stolpersteng, wou mer eis bewosst waren, dass se kéinte kommen, ausgemäerzt gi sinn, zum Deel mat der Argumentatioun: Jo, déi dote Propositioun ass vläicht net honnertprozenteg déi richteg. Ma, dann hätte mer eis sollen e bëssen Zäit ginn, fir vläicht déi honnertprozenteg richteg Solutioun ze fanne fir e Problem, deen eis bewosst ass.

Et ass virdru gesot ginn, dass et e komplizéiert Gesetz ass, wou e ganze Koup Etappe sinn. Deenen, déi déi Etappe wëlle plastesch verstoen, deene géif ech roden, deen exzellenten Avis vun der Chambre des Employés privés ze consultéieren, wou mat Tableauen dat Zesummewierke vun deene verschiddene Prozeduren opgezeechent ginn ass. Well awer dat Gesetz nëmmen dann e Succès gëtt, wann net nei Lenteuren entstinn, ass et wichteg, dass dat zousätzlecht Personal schnell kënnt, dass den Oflaf vun de Prozeduren genee an den A behale gëtt, an dass op deenen eenzelne Beréierungsstellen, zwëschent de Verwaltungen et net zu Iwwerschneidunge kënnt.

Dann, zum Schluss, wollt ech nach eng Kéier suggeréieren, dass mer effektiv no engem – den Här Glesener huet gesot no zwee – Joer sollen en detailléierte Bilan vun dem Zesummewierke vun deenen Neierungen hei op den Dësch vum Haus leeën an da gegebenenfalls dat Gesetz amendéieren. Mä mir sollten awer vläicht net waarde bis dann, fir dräi Problemer ze léisen, déi ganz kloer vum Conseil d'Etat an an den Diskussioune vun der Chamber identifizéiert gi sinn, wou de Conseil d'Etat zwee Amendemente presentéiert hat, wou d'Meenunge sech gedeelt hunn op der Regierungssäit.

Engersäits, den Amendement vum Conseil d'Etat, dee seet: Bei Reclassementer, déi vun der Commission mixte décidéiert ginn a wou et zu engem Recours kënnt, soll een d'Krankegeld weider bezuelen, bis dass definitiv d'Décisioun virläit. Dat ass deen éischten Amendement, deen ech dem President wollt iwwerreechen zum Artikel 14.

Amendement 2

Article 14

L'article 15 du C A S est complété comme suit:

„L'indemnité pécuniaire découlant d'une activité exercée avant la constatation de l'incapacité d'exercer le dernier poste de travail prend fin le jour où sera définitive la décision de la commission mixte sur le reclassement en application de la loi du ... concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle."

Motivation

La formulation du texte gouvernemental prévoit que l'indemnité pécuniaire cesserait le jour de la notification de la décision de la commission mixte sur le reclassement. Or il serait opportun de prévoir le paiement de l'indemnité pécuniaire jusqu'au jour où la décision de la commission mixte sera devenue définitive, afin d'éviter que des difficultés ne surgissent dans le laps de temps s'écoulant entre la notification de la décision et l'épuisement des voies de recours, notamment en cas de recours de l'employeur contre la décision de la commission mixte.

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Lucien Lux, Georges Wohlfart, Marc Zanussi.

Dann, an deemselwechte Sënn, wann et zu Reclassementer kënnt, externe Reclassementer, wann en Aarbechtskontrakt besteet, da soll deen Aarbechtskontrakt net opgeléist ginn dee Moment, wou d'Zoustellung vun där éischter Décisioun vun der Commission mixte geschitt, mä eréischt, wann d'Recoursen duerch sinn, dat heescht, de Vertrag soll esou laang bestoe bleiwen, bis dass déi definitiv Décisioun vun der Kommissioun do ass.

Amendement 3

Article 18

Le texte de l'article 18 se lira comme suit:

„3) pour le travailleur qui présente une incapacité d'exercer son dernier poste de travail, le jour où la décision de la commission mixte sera devenue définitive."

Motivation

Suivant l'article sous examen, le contrat de travail cesserait de plein droit le jour où le travailleur qui présente une incapacité d'exercer son dernier poste de travail se verra notifier la décision de la commission mixte retenant un reclassement externe. En cas de recours contre cette décision, le contrat cessera le jour de la confirmation de la décision de la commission mixte. Le Conseil d'Etat estime que tant que le délai pour introduire un recours contre la décision de la commission mixte, soit quarante jours à partir de la notification, ne sera pas révolu, le contrat de travail devrait être maintenu. Il propose partant de modifier cet article en retenant que le contrat de travail cessera de plein droit dès que la décision de la commission mixte sera devenue définitive.

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Lucien Lux, Georges Wohlfart, Marc Zanussi.

Dann deen drëtten Amendement, an dat ass vläicht dee wichtegsten, well mer hei op engem Punkt eis Salariéën an zwee deelen. Engersäits déi Lëtzebuerger oder d'Résidenten, déi iwwer vollstänneg oder ausschließlech Lëtzebuerger Versécherungsperiode verfügen. Op där anerer Säit d'Frontalieren an d'Travailleurs migrants, déi en Deel vun hire Perioden nëmmen hei zu Lëtzebuerg hunn an de Rescht vun hire Perioden am Ausland.

Amendement 1

A l'article 5 (2) l'alinéa premier est modifié comme suit:

„Si, au terme de la durée légale du paiement de l'indemnité de chômage, le travailleur visé à l'article premier n'a pu être reclassé sur le marché du travail ordinaire, il bénéficie de la pension d'invalidité."

L'alinéa 2 est à biffer.

Motivation

Dans sa formulation actuelle l'article 5 (2) représente une discrimination face aux travailleurs immigrés et frontaliers dont „l'indemnité d'attente, dont le montant correspondant à la pension d'invalidité à laquelle il aurait eu droit" ne pourrait être calculée que sur ses droits luxembourgeois à l'exclusion de ses droits accumulés le cas échéant dans son pays d'origine, étant donné que l'indemnité mentionnée ci-dessus n'est pas dans la réglementation communautaire.

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Lucien Lux, Georges Wohlfart, Marc Zanussi.

Do gëtt et problematesch bei där neier Indemnitéit, déi mer schafen, déi de Géigewäert duerchstellt vun der Invaliditéit, mä net eng Invaliditéit ass, dofir net als solch unerkannt gëtt an deene Länner, wou d'Frontaliere an d'Migrantë virdru geschafft hunn. Et soll ee mer net kommen, dass net an alle Länner esou Accorde, fir bilateral d'Invaliditéit unzeerkennen, bestinn. Mat deem Land, aus deem déi meescht Travailleurs migrants hei sinn, besteet esou en Accord, mat Portugal. Duerfir ware mir der Meenung, fir an engem Amendement festzehalen, dass, wann een zwielef Méint Krankegeld hanneru sech huet, zwee Joer Chômage hanneru sech huet an nach ëmmer net konnt placéiert ginn, dass een en net soll an eng Indemnitéit eralafe loossen, déi der Invaliditéit entsprécht, mä em zumindest déi provisoresch Invaliditéit soll ginn, well no dräi Joer, wann een dann net placéiert ass, dann ass iergendeppes faul an da kann een net soen, dass dee Mann ënner normale Konditiounen um Aarbechtsmaart ka placéiert ginn.

(Interruption)

No deenen dräi Joer, Här Glesener, huet de Frontalier, deen an dësem Gesetz, an dat gëtt e puer Mol ervirgehuewen, mat dem Travailleur résidant gläichgestallt ass, net déiselwecht Rechter. E kritt just en Deel vun der Indemnitéit a soss näischt, an deen Deel vun där Indemnitéit, dee geet an deene Fäll, wou e méi Versécherungsjoren am Ausland huet wéi hei zu Lëtzebuerg, sécher net duer, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Eis Suerg war, fir den Travailleur frontalier an den Travailleur migrant an där heiter Saach gläichzestelle mat dem Travailleur résidant.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Déi Leit kënnen nëmmen eng Invaliderent kréien opgrond vun deene Perioden, wou se hei verséchert sinn.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP)*.- Voilà, genee dat! E kritt just d'Proportioun vun deem wat hei zu Lëtzebuerg fixéiert ass. E ka jo net dat Ganzt kréien. Frot den Här Biltgen. Dee kann lech dat soen. Et kann net sinn, dass en déi ganz Invaliderent fir sämtlech Periode kritt, an dat hei ass keng Invaliderent, Här Gibéryen. Et ass eng Indemnitéit, déi berechent gëtt op déi Perioden, déi et hei zu Lëtzebuerg gëtt, à l'exclusion vun deene Perioden, déi am Ausland sinn, an dat féiert erëm eng Kéier zu Härtefäll bei engem Gesetz, dat eigentlech dofir do ass, fir Härtefäll ze verhënneren.

Ech géif nach eng Kéier e waarmen Appel un d'Regierung riichten, dass bei deenen zwee éischten Amendementer den Här Biltgen an den Här Wagner sech géifen eens ginn op eng méi positiv gemeinsam Positioun, amplaz op eng méi negativ gemeinsam Positioun, well den Här Biltgen wollt an den Här Wagner wollt an där doter Diskussioun net, a bei deem zweete Punkt, dee vun der Indemnitéit, nach eng Kéier seriö ze kucken, dass mer verhënneren, dass mer „deux poids et deux mesures" kréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Théo Stendebach agedroen. Den Här Stendebach huet d'Wuert.

M. Théo Stendebach *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz ersetzt dat vun 1987 iwwert d'Incapacité professionnelle, dat am Kader vun der Restrukturatioun vun der Sidérurgie votéiert gi wor a wat a senger Applikatioun d'Invaliditéit haaptsächlech op sozial Motiver a wéineger op medezinesch Motiver bezunn huet. Mat der Adoptioun vun dësem Projet iwwert d'Invaliditéit gëtt elo endlech e Mëssstand oder eng Zwéckmillchen opgehuewen, an deem zënter 1997 e groussen Deel vun eise Matbierger gerode sinn, déi eng Invaliderent ugefrot hunn a se ni unerkannt kruten. D'Resultat war oft, datt déi konzernéiert Leit an hir Familljen a finanziell Schwieregkeete komm sinn a gezwonge ware Recours ze huelen op de Revenu minimum garanti. De Grond fir dës mësslech Situatioun louch doranner, well eis sozial Législatioun keng Invalidité professionnelle virgesäit. An no 52 Wochen, nodeems d'Krankekeessen d'Indemnité de maladie net méi bezuelen an déi betreffend Leit keng Indemnité de chômage kréien, ebe well si vun hirem Dokter invalid erkläert gi sinn a sech net konnten am Arbeitsamt aschreiwen, waren dës Ménagen oft ouni iergendee geregelte Revenu.

Ier ech awer mat menger kuerzer Interventioun wëll weiderfueren, läit et mir nach um Häerz fir dem Rapporteur a mengem Fraktiounskolleeg Niki Bettendorf merci ze soen, fir säin ausféierleche schrëftleche Rapport, deen hien a senger gewinnter sachlecher Manéier eis de Mëtteg mëndlech virgedroen huet. An engems wëll ech him vill Courage a bonne Chance wënschen an him verséchéren, datt mir eis alleguer freeën, hien am Hierscht bei der Rentrée potzmonter a frësch wéi e Fësch am Waasser erëmzegesinn.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de gudden ausféierleche Rapport gëtt mir d'Méiglechkeet, fir net am Detail op den Inhalt vum zukünftegen neien Invalidegesetz anzegoen. Dëst gëtt mir dann och d'Méiglechkeet, fir mech op e puer Froen an allgemeng Punkten an Observatiounen ze konzentréieren.

Den Artikel 187 vum Code des Assurances sociales kennt de Begrëff vun der „invalidité professionnelle" net. Dat heescht, laut der aktueller Gesetzgebung ass den Arbeitnehmer entweder invalid zu 100% oder net invalid.

Et gëtt net tranchéiert, ob den Arbeitnehmer, deen aus gesondheetleche Grënn net méi säi leschten Aarbechtsposte kann ugoen, net awer nach op anere Plazen agesat ka ginn. Dës Interpretatioun ass nach bestäerkt ginn duerch en Arrêt vun der Cour de Cassation vum 28. November 1996, wou de Prinzip festgehale ginn ass, datt d'Invaliditéit misst par rapport zum ganzen Aarbechtsmarché évaluéiert ginn.

D'Konsequenz vun dësem Richtersproch war, datt de Pourcentage vun de Refuse vum Contrôle médical, fir eng Invaliderent zouzëerkennen, vun 1996 un enorm gestiegen ass. Esou louch fir d'Joer 2001 de Pourcentage vun de Refuse bei 31,3% vun 2.080 Demandes en invalidation.

Niewebäi gesot ass d'Zuel vun den Demanden am selwechten Zäitraum vun 3.562 am Joer 1996 op 2.080 am Joer 2001 gefall.

Eng éischt Initiativ fir eng Léisung fir dëse Problem ze fanne war 1999 mam Projet de loi 4340, deen a senger

éischter Versioun eng Invalidité en double degré virgesinn hat. Mä en cours de route sinn déi betreffend Dispositiounen aus dem Projet erausgeholl ginn. Finalement sinn d'Partenaires sociaux mat der Problematik befaasst ginn.

Um Enn vum Joer 2000 haten d'Partner zesumme mat de verantwortleche Regierungsvertrieder e Konsenspabeier ausgeschafft, deen den 12. Februar 2001 vum Sozialminister a vum Aarbechtsminister dem Conseil de Gouvernement ënnert der Form vun engem Avant-projet de loi presentéiert gi war.

D'Objektiv, dat sech gesat gi war an dat sech och finalement an dësem Gesetzvirhaben erëmfënnt an haut an eis Législatioun iwwerholl soll ginn, war fir engersäits de Salariéen eng adequat Protection sociale ze garantéiere während der ganzer Prozedur, an anerersäits fir den Akzent ze leeën, fir e Maximum vun de betraffene Salariéen um Aarbechtsmaart integréiert ze halen, dëst duerch e Reklassement, entweder beim leschten Employeur op engem aneren Aarbechtsposten, oder awer um externen Aarbechtsmaart. Dat heescht bei engem anere Patron.

Mat dësem Avant-projet, deen nach adaptéiert ginn ass, ass d'Tripartite befaasst ginn, déi an dräi Réuniounen den Avant-projet finaliséiert an approuvéiert huet.

Mat dem Projet de loi, dee mer virun eis leien hunn, handelt et sech also grosso modo ëm e Konsenspabeier vun de Sozialpartner, déi un der Aarbecht an der Finalisatioun vun dësem Projet bedeelegt gi waren.

Fir déi Situatioun, déi haut nach vill ze oft virkënnt, ze verhënneren, wou e Salarié, deen d'Invaliderent net zouerkannt krut, an Appel gaangen ass, an no 52 Woche weder Krankegeld nach eng Indemnité de chômage kritt, gesäit dat neit Gesetz eng beschleunegt Prozedur vir.

Innerhalb vun deene véier Etappe vun der Prozedur gëtt assuréiert, datt de Salarié net méi soll duerch d'Sozialnetz falen an an eng bedenklech finanziell Situatioun geroden.

Déi éischt Etapp gesäit vir, datt de Salarié schonn no véier Méint Krankeschäin vum Contrôle médical vun der Sécurité sociale geruff gëtt. Domat gëtt d'Prozedur, an dat op all Niveau, ganz staark verkierzt, wat eng gutt Saach ass, souwuel fir de Salarié, wéi fir de Patron.

Do kënne sech folgend dräi Szenarië stellen:

De Salarié ass krank, mat Aussiicht op eng Gesondung. Hie kritt dann en neie Rendez-vous, fir eng zweete Kéier méi spéit beim Contrôle médical ze erschéngen. Während dëser Zäit gëtt d'Indemnité de maladie weider verséiert.

Oder de Salarié ass net krank oder erëm gesond an hie gëtt op seng Aarbecht zréckgeschéckt. D'Indemnité de maladie gëtt dann net méi bezuelt. Fir eng Possibilité de recours géint dës Décisioun ze erméiglechen, ginn d'Prozedure beschleunegt.

Oder den Assuré ass invalid a kann eng Demande en obtention stellen.

An der zweeter Etapp gëtt d'Demande vum Contrôle médical analyséiert. Den Assuré kritt dann entweder seng Invaliderent zouerkannt, oder hie gëtt net als invalid unerkannt. De Médecin de travail gëtt da saiséiert fir den Dossier ze ënnersichen a virun allem fir ze kucken, ob eng Incapacité pour le dernier poste de travail virläit.

Wann de Médecin de travail dann der Meenung ass, datt keng Incapacitéit fir de leschten Aarbechtsposte virläit, gëtt hien den Dossier zréck un de Contrôle médical.

Wann de Médecin de travail awer eng Incapacitéit fir de leschte Poste de travail constatéiert, dann déclenchéiert hien d'Procédure de reclassement a saiséiert d'Commission mixte, déi mat dësem Gesetzprojet instituéiert gëtt.

Während der drëtter Phas huet d'Commission mixte dann d'Missioun fir den Assuré erëm op den Aarbechtsmaart ze integréieren, dëst entweder duerch e Reclassement interne bei sengem alen Employeur, oder duerch e Reclassement externe um Aarbechtsmarché.

Den Assuré gëtt dann an dësem Fall bei der Administration de l'Emploi als Demandeur d'emploi ageschriwwen a bezitt selbstverständlech eng Indemnité de chômage. Fir deene betraffene Leit bei der Aarbechtssich ze hëllefen, gëtt innerhalb vun der ADEM e Service des travailleurs à capacité de travail réduite geschaaft.

De Fonds de l'Emploi verséiert dem Assuré am Fall vun engem Reklassement eng Indemnité compensatoire, déi eng eventuell Differenz ausgläicht tëschent dem leschte Revenu vum Assuré a sengem neie Revenu. Hei ginn ech ze bedenken, datt de Fonds de l'Emploi zum Deel iwwert d'Solidaritéitssteier finanzéiert gëtt.

Als Demokratesch Partei begréisse mer ausdrécklech déi Bonifikatioune fir dee Patron, dee sech Méi gëtt fir e Mataarbechter mat reduzéierter Kapazitéit anzestellen oder ze reklasséieren.

Während dëser Phas kann d'ADEM dee Betraffenen enger sou genannter „mesure active d'emploi" affektéieren. Selbstverständlech bezitt hien dee Moment och weiderhi seng Indemnité de chômage.

Wann et awer net méiglech ass, fir innerhalb vun der gesetzlecher Frist während där hie seng Indemnité de chômage bezitt, dem Assuré eng nei Aarbechtsplaz zouzeweisen, da gëtt seng Indemnité de chômage an eng Indemnité d'attente ëmgewandelt. Dëst ass déi véiert Etapp an der Prozedur.

Dës Indemnitéit gëtt da vun der Pensiounskeess iwwerholl. Während där Zäit bleift den Assuré dann awer als Demandeur d'emploi um Arbeitsamt ageschriwwen.

No engem Joer kann den Assuré dann erëm eng nei Demande en obtention fir eng Invaliderent beim Contrôle médical areechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst neit Gesetz iwwert d'Incapacité de travail ass eng adequat Äntwert op déi Observatiounen, déi de Bureau International du Travail a senger Etüd iwwert d'Lëtzebuerger Renteregimer zum Sujet vun de Pensions d'invalidité relevéiert huet. Effektiv huet de BIT notéiert, datt Lëtzebuerg, am Verglach mat eisen europäeschen Noperen, ee fir si anormal héijen Taux d'invalidation opweist, mat der Konsequenz, datt dësen „état de choses" sech negativ op déi finanziell Situatioun vun de Rentekeessen auswierkt.

Dëst neit Gesetz huet, niewent engem grousse sozialgerechte Charakter, nach e weideren Aspekt, deen a mengen Ae wichteg ass, dat ass den Aspekt vun enger Responsabilisatioun vum Assuré, sief dat vum Employé oder vum Aarbechter. Dat heescht an anere Wierder, datt och vum Betraffenen Efforte verlaangt ginn, déi senger Integratioun um Aarbechtsmarché förderlech sinn.

Et ass awer grad esou offensichtlech, datt mat dësem neie Gesetz kee méi duerch d'Sozialnetz ka falen, fir sech an enger inextricabler a finanziell prekärer Situatioun erëmzefannen.

Entweder bezitt den Assuré eng Indemnité de maladie, déi dann an eng Invaliderent ëmgewandelt gëtt. Oder hie kritt, am Fall vun engem réusséierte Reclassement, eng Indemnité de compensatioun, déi him e selwechten Niveau de revenu wéi virdru garantéiert. Dëst allerdéngs innerhalb vun engem Plaffong vu fënnef mol de Mindestloun. Oder hie bezitt, am Fall wou e Reclassement sech als schwiereg erweist, eng Indemnité d'attente, déi der Invaliderent gläichgestallt ass.

Nei ass och, datt eng zouerkannten Invaliderent en definitive Charakter huet.

Ofschléissend wëll ech awer nach folgend Remarke relevéieren: Et misst een an enger zousätzlecher Analys eng Kéier d'Interferenzen an d'Konkordanz vum neien Invalidegesetz mat Législatioun vun den Handicapéierten a vum Revenu minimum garanti virhuelen.

An eng lescht Observatioun betrëfft d'Obligatioun fir een Employeur, dee méi wéi 25 Salariëë beschäftegt an net déi legal Obligatioun vun der Embauche de travailleurs handicapés erfëllt, de betraffene Salarié innerhalb vu sengem Betrib ze reclasséieren. Et muss een hei no enger gëwessener Zäit kucken, wéi sech dës Dispositioun an der Praxis auswierkt. Ob d'Limite vu 25 Salariéen, wéi a verschiddenen Avise vu Beruffskummeren erwähnt, net ze déif gegraff ass a spéider adaptéiert gi muss, wäerte mir an zwee Joer bei engem éischte Bilan vun der Applikatioun vun dësem Gesetz gesinn.

D'Demokratesch Partei gëtt dësem Projet seng Zoustëmmung, well endlech dee leidege Problem vun den Invaliderenten am Konsens mat de Sozialpartner ka geléist ginn.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Stendebach. Nächste Riedner ass den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Kolleeg Niki Bettendorf merci soe fir säi gudde Rapport an ech mengen, en huet et virun allem a sengem mëndleche Rapport verstanen, déi relativ dach komplizéiert Prozedure schematesch einfach duerzestellen. Och wann et fir den Eenzelne wäert schwéier sinn den Duerchbléck ze behalen an och herno an der Praxis, wann et ugewannt gëtt.

Dëst Gesetz huet eng laang Virgeschicht. Mäi Fraktiounskolleeg Aly Jaerling wäert sech méi aus engem kritesche Bléck mat dësem Projet ausenaner setzen an ech versichen eng Rei vu Punkten hei ervirzesträiche wou ech der Meenung sinn, datt dach dat eent an dat anert derzou ze soe wier.

Wéi gesot, dat Gesetz hei huet eng laang Virgeschicht. Se geet am Fong op eng nei Jurisprudenz aus dem Joer 1996 zréck, wou mer eng aner Interpretatioun vum Artikel 187 vum Code des assurances sociales kruten.

Am Prinzip ass deen Artikel an der Vergaangenheet ëmmer esou applizéiert ginn, datt, wann eng Persoun déi normal Aarbecht, déi se virdru gemaach huet, net méi konnt maachen - vereinfacht duergestallt -, se dann eng Invalidepensioun konnt zouerkannt kréien.

Déi Jurisprudenz, wéi se elo applizéiert ginn ass, huet am Fong gesot, datt et elo net méi esou wier, mä et ass gekuckt ginn, net op en déi Aarbecht, déi e virdru gemaach huet, net méi konnt maachen, mä ob e keng Aarbecht méi kéint maachen. Well en iergendwéi eng aner Aarbecht konnt maachen, dann huet en d'Invaliditéit net zouerkannt kritt.

Dat huet derzou gefouert – an ech mengen de Rapporteur huet virdrun d'Chifferen hei genannt -, datt vun där Jurisprudenz u vu Joer zu Joer d'Zuel vun den Unerkennunge vun den Invalidepensiounen drastesch zréckgaangen ass, wat u sech net schlecht wier, wann dat net déi negativ Konsequenzen hat, datt d'Leit duerch eise soziale Fächer gefall sinn.

Mir hunn nämlech eng nei Situatioun doduerch kritt. Leit, déi d'Invalidepensioun opgrond vun deenen Iwwerleeungen net unerkannt kruten, hunn dann e Recours

gemaach an hunn dann och deen an der Prozedur lafe gelooss, mä no de 56 Woche Krankmeldung konnte se am Betrib net méi agestallt ginn, well déi 56 Wochen engersäits eriwwer waren, anerersäits och nach...

(Interruptions)

52. Hat ech elo 56 gesot? Ech wollt just kucken, ob Der nach géift nolauschteren zu spéider Stonn! Ech stelle mat Satisfactioun fest, datt dat de Fall ass.

(Interruptions)

No 52 Wochen net méi an de Betrib konnt eragoen an op där anerer Säit konnt e sech och net bei der ADEM als Demandeur d'emploi aschreiwe loossen, well ee fir Demandeur d'emploi am Prinzip apte au travail muss sinn, an déi Leit awer gläichzäiteg eng Demande fir eng Invalidepensioun gemaach hunn. Also d'Invalidepensioun net kruten, den Aarbechtsvertrag net konnten applizéieren an op där anerer Säit bei der ADEM sech net konnten aschreiwen.

Dat huet derzou gefouert, datt déi Leit am Fong keng Revenue méi haten. Se sinn also duerch eise Sozialfächer gefall, an et sinn där Leit net wéineg gewiescht. Leit, déi op eemol an hirem Liewen do stoungen, ouni hir Schold kee Revenu méi haten.

Dat war eng Situatioun, wéi mer se virun 1996 praktesch net kannt hunn, mä wou an deene leschte Jore cumuléiert ginn ass, datt et awer eng ganz bedeitend Zuel vu Leit hei am Land ginn an déi sech och esouguer, mengen ech, als Groupe zesummen organiséiert hunn, fir hir Interessen ze vertrieden.

D'Gewerkschaften hate selbstverständlech d'Konsequenze vun där doter Politik ze droen, well déi Leit jo dach bei d'Gewerkschafte komm sinn, an déi ware quasi genausou machtlos wéi d'Leit selwer. Se konnten de Leit am Fong net méi oder manner soen: „An dengem Fall ass näischt méi ze maachen. Du kriss keng Aarbecht méi, du kriss kee Chômage méi an du kriss och keng Invalidepensioun méi. Du kanns elo nach just, well s de d'Konditiounen erfëlls, eventuell deng RMG-Bezéiung ufroen."

Dëse Projet hat duerfir de But, an dat war am Fong deen, deen alleguer déi Leit, déi ronderëm den Dësch souzen, déi an de Ministèren, Gewerkschaften, Verwaltungen, haten alleguer gemeinsam een Zil mat dësem Projet, nämlech ze kucken, datt déi Lächer an eise soziale Fächer géifen duerch dëst Gesetz gestoppt ginn, a fir datt d'Leit, egal a wat fir enger Situatioun se wieren, ëmmer d'Garantie op e Revenu hunn.

Et ass och an där Iddi, wou d'Gesetz opgebaut ass, a wou mer hoffen – ech wëll soen „hoffen" –, datt mer och herno dat als Resultat kréien, wat mer eis do gewënscht hunn.

Et sinn nämlech Prozeduren – wéi de Kolleeg Bettendorf se hei opgezielt huet –, déi sécherlech net déi einfachst sinn. Kee weess, ob net erëm herno, wa mer an den Detail vun de Prozedure kommen, souwuel wat d'Délaie wéi wat d'Applikatiounen ubelaangt, net awer nach vläicht op deen een oder anere Punkt stoussen, dee mer lo vläicht net gesinn, an dach dann erëm e Lach hu wou d'Leit derduerch falen.

Duerfir géif ech och mengen – wat jo scho bei menge Virriedner ugeklongen ass –, datt mer gutt berode wieren, d'Auswierkunge vun dësem Gesetz permanent am A ze behale fir, wann et dat net bréngt, wat mer alleguer wëllen, dann awer bereet ze sinn, kuerzfristeg ze reagéieren an dat Gesetz erëm op de Leescht ze huelen, fir dann eben déi Lucken auszebauen, déi vläicht duerch dat Gesetz, och wa mer se haut net gesinn, awer däerften oder kënnten entstoen.

Ee vun de Problemer, déi am Ufank vum Projet waren, dat war am Fong, datt dee Projet virgesinn huet, datt deen applicabel wier fir all déi Fäll, déi nom A-Kraaft-Triede vun dësem Gesetz géifen zustane kommen.

Ech hat an eiser éischter Kommissiounssitzung op déi Problematik higewisen an d'Kolleegen an d'Kolleeginnen an der Kommissioun waren och alleguer där Meenung, datt ee misst eng Léisung fanne fir déi Leit, déi elo am Fong duerch de Fächer gefall sinn an opgrond vun där hirer Situatioun mer am Fong zu dësem Gesetz komm sinn. Et wier am Fong gelungen, datt opgrond vun enger Situatioun vu Leit, wou mer e Gesetz gemaach hunn, déi Leit herno net hätte kéinte vun deem Gesetz profitéieren.

De Conseil d'Etat huet a sengem weisen Avis och drop higewisen, datt een déi Problematik misst léisen, an en huet och eng Propositioun gemaach. Vum Ministère hu mer eng Propositioun vun engem Amendement kritt, deen am Fong seet, datt nom A-Kraaft-Triede vun dësem Gesetz, réckwierkend gesinn, alleguer déi Leit, déi duerch de System gefall sinn, dann an d'Prozedur integréiert ginn, ouni awer am Ufank mussen unzefänken, wou erëm eng Reintegratioun an de Betrib virgesinn ass, mä hannendrun an der Prozedur integréiert ginn. Alleguer déi Leit, déi méi wéi ee Joer, nom Réckwierke vum A-Kraaft-Triede vun dësem Gesetz, duerch de Fächer gefall sinn, hunn opgrond vun de Bestëmmunge vun der Sécurité sociale d'Recht, fir d'Invalidepensioun no engem Joer erëm frësch unzefroen an doduerch erëm frësch an d'Prozedur eranzekommen.

Et ass also e ganz wichtegen Amendement, deen d'Kommissioun do virgeholl huet, datt also och all déi Leit – an de Kolleeg Bettendorf hat et, mengen ech, net ernimmt, mä et steet awer am schrëftleche Rapport, duerfir wollt ech dat hei e bësse méi explizit maachen, datt dat eng Iddi vun der Kommissioun war, déi och esou eestëmmeg zréckbehale ginn ass –, déi duerch de

Fächer gefall sinn, elo erëm kënnen an déi Prozedur erakommen.

Een anere Punkt, deen ech hei ernimme wollt: Op d'Prozedure ginn ech net méi an. Se si komplizéiert genuch. De Kolleeg Bettendorf huet versicht se einfach duerzestellen, an alles wat ee weider derzou seet mécht d'Saach net méi einfach, mä au contraire méi komplizéiert.

Ech wëll awer just nach soen, mir schwätzen esou dacks iwwert d'Pensiounskeesen, iwwert d'Finanzéierung vun de Pensiounskeesen, sou musse mer dach awer och wëssen, datt mer hei zu engem gewëssenen Deel eng Zweckentfremdung vun de Pensiounskeese maachen, well och déi Leit, déi elo eng Indemnité d'attente kréien an der Héicht vun der Invalidepensioun, nach net an der Invalidepensioun sinn, mä d'Pensiounskeese rembourséieren awer dee Montant, deen d'Leit do bezuelt kréien. Dat heescht, d'Pensiounskeese bezuelen awer, wéi wann d'Leit schonn an der Pensioun wieren.

Eng ähnlech Situatioun hu mer zënter enger Rei vu Jore bei der Préretraite, vun '93 un, wou d'Leit an der Préretraite sinn, wou virdru vum Beschäftegungsfong déi Préretraitë bezuelt ginn a vun '93 un vun de Pensiounskeesen déi Suen un de Beschäftegungsfong rembourséiert ginn, wat am Fong eng Dépense, an den ale Lëtzebuerger Frangen, vun enger Milliard d'Joer ausgemaach huet, wou bis haut am Fong zéng Milliarden aus de Pensiounskeesen do erausgeholl gi sinn.

Hei schafe mer eng nei Situatioun, wou mer och erëm aus de Pensiounskeesen déi Suen eraushuelen, fir eben déi Indemnité d'attente ze finanzéieren.

Een anere Punkt, deen een als positiv muss ugesinn, dat ass, datt d'Privatbeamten duerch dëst Gesetz gläichgestallt gi mat den Aarbechter, wat d'Klausel fir de Licenciement am Fall vum Kranksinn ubelaangt, woubäi dat bei den Aarbechter sechs Méint ass a bei de Privatbeamten dräi Méint. Well eben hei an der Prozedur virgesi gëtt, datt dat iwwert déi dräi Méint erausgeet, a fir datt de Privatbeamten net ka gekënnegt kréien, ier déi véier Méint, wou de Recours muss geschwat sinn, ofgelaf sinn, gëtt dann och hei den Délai fir de Privatbeamte vun dräi op sechs Méint ausgedehnt, esou wéi dat och beim Aarbechter de Fall ass.

Dann en anere Punkt, op deen ech wëll agoen, op dee mäi Virriedner, de Kolleeg Mars Di Bartolomeo, schonn agaangen ass, dat sinn d'Amendementer vun den Artikele 14 an 18.

De Conseil d'Etat huet am Fong an deenen zwee Artikelen en Amendement proposéiert wou e seet, datt déi Décisiounen eréischt sollten a Kraaft trieden zu deem Zäitpunkt, wou se definitiv ginn. Dat heescht, bis all Recoursméiglechkeeten erschöpft wieren, bis näischt méi méiglech wier. Esou laang soll op deenen zwou Säiten, engersäits wat d'Krankegeld ubelaangt, anersäits wat d'Indemnitéite bei der Réinsertioun an d'Betriber ubelaangt, bezuelt ginn.

Et war dunn an der Kommissioun zu enger ongewinnter, fir mech emol esou auszedrécken, Situatioun komm, well de Minister vun der Sécurité sociale gesot huet, si wieren net bereet den Amendement zum Artikel 14, esou wéi de Conseil d'Etat e proposéiert huet, unzehuelen, well doduerch e gewëssenen Abus säitens dem Salariat kéint entstoen, wat jo dann all Intérêt hätt, fir Recoursen ze maachen, berechtegt oder net berechtegt, fir d'Prozedur esou laang wéi méiglech hinzezéien a vläicht, wann et e gudden Affekot ass, souguer zwee Joer laang, well d'Krankegeld da misst virubezuelt ginn.

Wann een och déi Logik ka verfollegen a muss soen, duerch d'Unhuele vun deem Amendement gëtt déi Méiglechkeet geschafen, esou ass et awer onlogesch, wa mer den Amendement zum Artikel 18 net unhuelen, wou d'Logik ëmgedréint steet, well doduerch dass mer en net unhuelen, huet de Patron an deem Fall en Intérêt fir Recoursen hinzezéien an da steet de Salarié am Reen. Dofir war den Aarbechtsminister bereet, fir den Amendement zum Artikel 18 unzehuelen, fir dass deen Abus op där Säit net kéint spillen. Dat heescht an der Logik hätt een am Fong missen dem Minister vun der Sécurité sociale follegen an den Amendement zum Artikel 14 net unhuelen, esou wéi vum Conseil d'Etat proposéiert, an et hätt ee missen dem Amendement vum Aarbechtsminister follegen an den Amendement zum Artikel 18 unhuelen. Domat hätt een dann Abüen op deenen zwou Säiten évitéiert. De Salarié hätt keen Abus kéinte maachen, andeem e Recoursë bis dorthinaus gemaach hätt. Mam Artikel 18 hätt de Patron keen Abus kënne maachen.

Mä d'Kommissioun huet – ech wëll net an d'Detailer goen – fir mech onverständlecherweis fir d'éischt den Amendement zum Artikel 18 eestëmmeg ugeholl. No Récksprooch mam Minister, wou de Minister gesot huet, jo Dir kënnt en unhuelen, dunn huet awer d'Kommissioun op Propositioun vun engem Member, a gelungenerweis mat de Stëmme vun der Majoritéit, en neie Vote geholl an den Amendement ofgelehnt.

Menger Meenung no ass dat an der Hektik vun der Virvakanzenzäit geschitt, wou mer relativ vill Projete mussen duerch eis Kommissioun quasi duerchbaatschen, an et ebe virkënnt, dass mir eis net Zäit genuch huelen, fir d'Konsequenze vun esou Décisiounen ofzeweien.

Dofir, Här President, hunn ech mir erlaabt zwee Amendementer ze preparéieren. De Kolleeg Di Bartolomeo huet déiselwecht Amendementer eraginn. Ech leeën och een Amendement zum Artikel 20 an een zum Artikel 14 vir, mä ech hätt awer gären, dass d'Regierung herno Stellung hëlt.

Vu dass déi zwee Amendementer vum Conseil d'Etat proposéiert sinn, kënnte mer se unhuelen. Wann d'Regierung derbäi bleift a seet, zum Artikel 14 huele mer den Amendement vum Conseil d'Etat net un, da géif ech den Artikel 20 zur Ofstëmmung bréngen, fir dass mer deen dann och op där anerer Säit kënnten unhuelen, fir den Equiliber erëm hierzestellen.

Wann d'Regierung seet, si géif dat net maachen, da géif et just ëmgedréint ginn, da géif ech deen aneren Amendement zur Ofstëmmung bréngen, well et eng Logik ass, dass deen ee misst ugeholl ginn an deen aneren net, fir dass am Fong kee vun deenen zwou Säite kënnt en Abus maachen.

Et ass vläicht e bësse komplizéiert, mä mir hunn eis alleguer am Detail verstanen.

Amendement 4

Article 20

Le contrat de travail du salarié est suspendu pendant la période se situant entre le jour où le Contrôle médical aura constaté que les conditions prévues à l'alinéa 1 de l'article 187 du Code des Assurances sociales ne sont pas remplies et le jour où la décision de la commission mixte sera devenue définitive.

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jean Huss, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

Amendement 5

Article 14

L'article 15 du Code des Assurances sociales est complété par un alinéa 3:

L'indemnité pécuniaire découlant d'une activité exercée avant la constatation de l'incapacité d'exercer le dernier poste de travail prend fin le jour où sera définitive la décision de la commission mixte sur le reclassement en application de la loi du ... concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle.

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jean Huss, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mech op déi puer prinizipiell Bemierkunge limitéieren. Et ass sécherlech e Problem, dee vill Komplikatioune wäert herno an der Applikatioun mat sech bréngen. Et weess een net, wéi dat am Detail sech wäert praktizéieren. Avisë vu verschiddene Medeziner sinn anzehuelen. Wat gëtt gemaach, wann déi kontradiktoresch sinn? Dëst Gesetz, bei allem gudde Wëllen deen d'Auteuren haten, léist dach eng Rei vun Äntwerten op Froen op.

Mir stëmmen als ADR dëst Gesetz, mä mir wiere gutt beroden, wa mer et géife permanent am A behalen, a wa mer eppes feststellen, wat net esou klappt, wéi et eist Zil war, da sollte mer eis och eens sinn, fir kuerzfristeg dëst Gesetz erëm op de Leescht ze huelen an et ze amendéieren, fir dass dat erauskënnt, wat mer wierklech mat dësem Gesetz bezwecken, nämlech dass keen ongewollt kann duerch eis Sozialgesetzgebung falen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz wat eis haut virläit ass eigentlech d'Resultat vun engem Konsens tëschent de Sozialpartner an der Regierung, deem relativ laang an hefteg Négociatioune virausgaange sinn, esou dass mir als Gréng schonn oft an dësem Parlament gesot hunn, dass mer der Meenung wären, dass d'Parlament säi Rôle ze spillen hätt an dass dofir, och wann e Konsens tëschent de Sozialpartner ausgehandelt gëtt, ob dat an enger Tripartite ass oder soss wou, d'Parlament duerchwegs a sengem Rôle ass, fir Gesetzer ze verbesseren, ze änneren oder eng aner Meenung auszedrécken.

An deem heite Fall muss ech soen, dass mir dee Konsens net a Fro stellen, dass mer dee matdroe wëllen. An der Kommissioun hunn ech dat och zum Ausdrock bruecht. Ech wëll, wat de Projet selwer ubelaangt, net méi am Detail drop agoen, well de Rapporteur dat gutt gemaach huet an déi komplizéiert Technik, déi sech hannendru verstoppt, prezis erkläert huet. Ech wëll lech just nach dräi, véier Saache soen, déi, eiser Meenung no, awer wichteg sinn, wann een iwwer Invaliden an iwwer Invaliditéit schwätzt.

Ee wichtege Punkt, iwwer dee fir eis Begrëffer net genuch diskutéiert gëtt, ass dee vun der Preventiounskultur an de Betriber, wann et ëm Invaliditéit geet. D'Zil vun enger gutt verstanener Politik an deem Beräich kann et jo net sinn, fir d'Leit an d'Invaliditéit rëtschen ze loossen an hinnen dann ze hëllefen, mä éischter fir ze verhënneren, dass se iwwerhaapt invalid ginn. Do si mir der Meenung, dass et um Niveau vun de Betriber an och souguer um Niveau vun eiser Gesetzgebung an de Moyenen, déi mir eis ginn, gewësse Lacunen nach ëmmer gëtt.

Esou ass et zum Beispill eng Realitéit entre-temps, dass mer an eiser moderner Gesellschaft an enger Situatioun sinn, dass Leit, zum Beispill an de Betriber vun der chemescher Industrie, mat enger Onmass vu Chemikalien a Kontakt sinn an d'Konsequenze vun hiren Auswierkungen op d'Gesondheet vun de Leit emol guer net am leschten Detail bekannt sinn, net genuch am Virfeld évaluéiert gi sinn. Do derniewent ass awer och ze soen, dass fir kënnen ze jugéieren, wat fir eng Konsequenzen eenzel Chemikalien op d'Gesondheet vun de Leit hunn, een haut eng Ausbildung brauch, déi immens wäit geet um Niveau vun der Berodung am Betrib, awer och um Niveau vun der Aarbechtsmedezin, dem Contrôle médical an de Betriber.

Et ass awer esou, dass mer musse feststellen, dass dat ganz oft net ginn ass, dass d'Ausbildung vum Contrôle

médical an der Aarbechtsmedezin bei wäitem net verdéift genuch ass, fir kënnen déi néideg Analysen ze maachen. Dofir menge mir, dass den ëmweltmedezinesche Standpunkt méi staark misst en Anzuch kréien an d'Betriibsmedezin an an de Contrôle médical, fir déi Preventiounskultur, déi mer an deem Beräich brauchen, ze kréien.

Een zweete Punkt, iwwert deen ee sech misst méi am Detail ënnerhalen, dat sinn d'Aarbechtsrhythmen an eise Betriber, déi am Endeffekt oft zur Invaliditéit féieren. Et misst ee kucken, fir do e gewëssene Soulagement ze gi par rapport zu deenen oft awer extremen Aarbechtsrhythmen, déi mer haut a verschiddene Secteuren hunn.

Mir wëssen, dass mer haut Technologien asetzen an de Betriber, déi ëmmer méi performant ginn, ëmmer méi schnell schaffen. Mir hunn och eng Produktioun, déi ausgeriicht ass op eng Just in time-Produktioun, wat natierlech bedeit, dass déi Leit, déi an deene Betriber schaffen, sech ëmmer méi mussen upassen un déi Produktiounsweisen, wat natierlech oft eng Auswierkung huet op d'Fäegkeet vun deene Leit, fir kënnen e ganzt Beruffsliewen zu Enn ze féieren.

Wa mer iwwer e preventive Charakter wëlle schwätzen am Kontext vun den Aarbechtsrhythmen, iwwer esou Saache wéi Aarbechtszäitreduktioun, zum Beispill fir de Leit gewësse Kompensatiounen ze ginn a Form vu méi Congé, je nodeem a wat fir enge Secteure se schaffen, fir dass se sech och kënne vun deenen Aarbechtsrhyhtmen erhuelen. Deementspriechend wierkt een och virbeugend op d'Risikoe vun Invaliditéit an am Endeffekt huet een och eppes gemaach, net nëmme fir d'Gesondheet vun de Leit an hir Liewensqualitéit, mä och fir Käschten anzespueren, well mir wëssen alleguer, dass d'Käschte vun der Invaliditéit vun der Allgemengheet gedroe ginn. Déi respektiv Zuele leie jo um Dësch.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Mir stëmmen dëse Projet mat där Reserv, dass mer hoffen, dass mer eis eng Kéier verdéift ënnerhalen, fir eng Preventiounskultur an de Betriber anzeféieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz gëtt eng onhaltbar sozial Situatioun beseitegt, déi an deene leschte Jore bestanen huet an déi déi komplett Rechtslosegkeet vun deene Leit bedeit huet, deenen d'Invaliderent net zouerkannt ginn ass an déi an en déift Lach gefall sinn, well se kee Chômage kritt hunn a beschtenfalls Recht op den RMG haten.

Liest een zwar verschidden Avisë vun de Patronaatskummeren, da mengt een de Skandal wier ëmgekéiert gewiescht, et wieren ze vill Invaliderenten ausbezuelt ginn. Et gëtt vun enger Sortie banalisée de la vie active an deenen Avisë geschwat. Wéi awer Dausende vu Stolaarbechter hir fréizäiteg Invaliderent kritt hunn, fir de Restrukturéierungspläng an der Stolindustrie net am Wee ze stoen, do war awer eng ganz grouss Akzeptanz an deene Kreesser, fir eng fréizäiteg Invaliderent ze ginn.

Wann also mat dësem Gesetz dat soziaalt Netz fir eng Partie vu Leit méi enk gezu gëtt, dann ass dat ouni Zweifel begréissenswäert, och wann dee Projet hei awer d'Flank bitt fir eng Rei vu Kriticken, déi hei schonn zum Deel gemaach gi sinn. Ech wëll net op all déi Kriticken zréckkommen, mä eng Rei Bemierkungen awer nach bäifügen.

Éischtens emol d'Fro vun der Definitioun vun der Invaliditéit u sech, esou wéi se am Artikel 187 vum Code des Assurances sociales steet, gëtt net geännert. Nodeem de Conseil supérieur des Assurances sociales 1996 am Gesetz aus dem „ou" en „et" gemaach huet an décidéiert hat, dass een esouwuel a sengem ale Beruff wéi allgemeng um Aarbechtsmaart muss onfäeg sinn ze schaffen, fir d'Invaliderent kënnen ze kréien, do ass en Abroch komm vun den accordéierten Invaliderenten. D'sozial Geriichter hunn déi Definitioun souguer op d'Spëtzt gedriwwen, andeem se nëmme reng physiologesch medezinesch Kritäre gëlle gelooss hunn, fir eng Invaliderent ze kréien, a guer net d'Situatioun um Aarbechtsmaart gëlle gelooss hunn.

Et soll een awer elo och net eleng d'Geriichter accabléieren. D'Geriichter entscheeden nëmmen dat, wat och gefrot ginn ass vun der Administratioun vun der Sécurité sociale. Déi eigentlech Verantwortlech fir déi Jurisprudenzen, déi do komm sinn, dat ass d'Sécurité sociale, dat ass d'Regierung, dat ass deen zoustännege Minister, well gemengt ginn ass, et misst een handelen, fir d'Zuel vun den Invaliderenten erofzesetzen, well d'OCDE dat esou gefuerdert huet, well d'OCDE der Meenung war, et géifen ze vill Invaliderenten zu Lëtzebuerg ausbezuelt ginn.

Un där eigentlecher restriktiver Definitioun vun der Invaliderent gëtt guer näischt geännert, esou dass och net unzehuelen ass, dass d'Zuel vun den eigentlechen Invaliderenten an Zukunft wäert an d'Luucht goen. Ech fäerten éischter, dass de Contraire de Fall ass an dass vill méi Beruffsinvaliderenten elo wäerten accordéiert ginn.

Zweetens, d'Fro vun den Iwwergangsbestëmmungen: Et gëtt zwar eng Iwwergangsbestëmmung hei an d'Gesetz agefouert. Dat ass richteg. Ech fannen awer, dass et eng relativ onkomplett Iwwergangsbestëmmung ass, well et sech just op déi Leit bezitt, déi an deem leschte Joer eng Invaliderent refuséiert kritt hunn. Wat ass awer mat deene Fäll, déi méi wäit zréckleien, deene Fäll, déi elo zum Beispill aus de Stagezäiten erausfalen, fir d'Invaliderent nach ze kréien, déi aus de Stagezäiten erausfalen, fir de Chômage nach ze kréien? Wat ass mat deene Leit? Misst net do en Effort gemaach ginn, fir déi erëm an de Circuit eranzehuelen?

Et gëtt am Bericht gesot, dass déi Leit mat enger provisorescher Invaliderent, deenen déi elo géif an Zukunft entzu ginn, nécessairement géifen erëm an de Circuit erakomme vum Reclassement interne, obschonn dat eigentlech guer net esou am Gesetz virgesinn ass. Et ass gesot ginn, d'Gesetz géif soupel applizéiert ginn. De Vertrieder vun der Administratioun vun der Sécurité sociale huet dat an eiser Kommissioun an der leschter Sitzung gesot, wou ech konnt derbäi sinn. Mir huelen Akt dovunner, mä et muss een dann awer wierklech elo kucken, ob dat awer an der Praxis esou geschitt.

Ech stelle mer zum Beispill d'Fro, Här Minister, wat mat deene Leit geschitt, déi elo an de Prozeduren dra sinn, wou d'Uerteel eréischt no der Akraafttriedung vun deem neie Gesetz gesprach gëtt an do kënnt eng Oflehnung. Wat ass mat deene Leit? Gëtt deenen hir Situatioun soupel gekuckt? Gëtt do gekuckt, dass se an de Circuit dra kommen, fir déi heiten Invaliderent ze kréien?

Da ginn ech kuerz op verschidde Problemer an, déi sech aus deenen eenzelne Phasen hei erginn. D'Phas vun der Krankmeldung: Ech fannen, dass hei vill ze vill kuerz Recoursë virgesi sinn. Et ass schwéier an deene kuerzen Délaie vun zwou Wochen, fir e Recours ze maachen, respektiv fir en Uerteel ze schwätzen opgrond vun deem Recours. Et ass jo bal onméiglech, eng anstänneg medizinesch Expertise erbäizebréngen. Et ass onméiglech, dass de Conseil arbitral, zum Beispill, eng Expertise an där kuerzer Zäit kann ordonnéieren an erbäikréien. Ech fäerten, dass déi Praxis hei dozou féiert, dass an der Realitéit d'Krankmeldungen drastesch wäerten zréckgoen, dass d'Krankekeesen dann zwar den Dossier lass sinn, obschonn awer nach eventuell eng Méiglechkeet bestanen hätt, fir dass déi Fra oder dee Mann erëm no enger gewësser Krankmeldungsdauer hätt kënne schaffe goen.

Dann d'Phas vun der Invaliderent: Gëtt ee vum Contrôle médical ofgelehnt, da kritt jo den Aarbechtsdokter den Dossier fir festzestellen, ob eng Onfäegkeet op der aler Plaz besteet. Hei froen ech mech, ob den Aarbechtsdokter dozou iwwerhaapt équipéiert ass. Mir wësse jo, dass an der Praxis d'Aarbechtsdokteren, zum Beispill, net ënnersiche wéi et konkret op der Aarbechtsplaz ausgesäit, zum Beispill net ënnersichen, ob net deen een oder deen aneren Aménagement op der Aarbechtsplaz kéint gemaach ginn, fir Leit erëm ze integréieren. Ech schwätze vum Gesetz vun 1994 iwwert d'Santé au travail.

Ech froe mech, ob d'Aarbechtsdokteren onofhängeg genuch si vis-à-vis vun den Employeuren, déi si jo bezuelen, fir do engem gewëssen Drock eventuell standzehalen, dee kéint kommen, fir ze soen: Ma, deen doten, schreif dee gesond, da kommen ech laanscht eng Réintégration interne, well wann ech se net wëll anhalen, da kommen eventuell schwéier Pénalitéiten op mech zou. An dann, wann en erëm gesond geschriwwen ass vum Aarbechtsdokter, dann ass jo säin Dossier zou, wat déi heite Prozedur ugeet, an da besteet de Risiko, dass en dann awer no enger gewësser Zäit entlooss gëtt.

(Interruption)

Hei missten am Gesetz vun 1994 vill méi contraignant Prozedure geschafe ginn, fir d'Leit intern ze reclasséieren, och Leit, déi zum Beispill eng Invaliderent guer net ufroen. Do ass d'Gesetz vun 1994 guer net contraignant genuch.

Dann, de Reclassement selwer. Tëschent der Saisine vun der Kommissioun an der Décisioun ass, wann ech d'Gesetz elo richteg gelies hunn, jo den Aarbechtsvertrag suspendéiert. Dat heescht do ass eng gewëssen Zäit, wou d'Décisioune geholl ginn, wou de Kontrakt suspendéiert ass. E suspendéierte Kontrakt heescht awer menges Wëssens no, dass keng Obligatioune béidsäiteg méi bestinn, dass kee Loun méi bezuelt gëtt. Dat heescht do ass eng Period vu maximal engem Mount, wou de Mann oder d'Fra da kee Loun kritt. Ech mengen, dass dat och eng Saach ass, do läit elo zwar keen Amendement vir – ech wëll iwwregens hei soen, dass ech déi Amendementer gutt heeschen, déi hei presentéiert gi sinn –, mä dat doten hätt och misste geännert ginn, dass d'Leit hire Loun awer wéinstens behale bis zur Décisioun vun der Kommissioun, déi jo forcément begrenzt ass op ee Mount. Also, allze vill wär do net passéiert an där Zäit.

Dann, de Reclassement interne: Hei sinn effektiv Pénalitéite virgesinn, wann d'Patrone sech net kooperativ weisen. Et muss een emol an der Praxis gesinn, wéi dat funktionéiert. Ech hunn nach eng Kéier opmierksam den Avis gelies vun der Chambre de Commerce et des Métiers. Do gëtt iwwert den interne Reclassement zimlech ewechgaangen. Dovu gëtt net vill geschwat, mä et gëtt virun allem dovu geschwat, dass jo elo an der Praxis wahrscheinlech awer deen externe Reclassement wäert déi gängeg Praxis sinn. Ech fäerten, dass et an der Praxis esou wäert herno ausgesinn, obscho jo awer d'Patronen hei e groussen Intérêt hätten, fir d'Leit ze reintegréieren.

Ech mengen, et ass eng Loungarantie virgesinn. De Mann kritt säi Loun onbegrenzt weider bezuelt vum Stat. De Patron kann en asetzen, eventuell huet en nach eng zimlech grouss Aarbechtsfäegkeet. De Patron gëtt em zum Beispill de Mindestloun an de Stat bezilt de Rescht. Ech fannen, dass do Méiglechkeete vun Abüe sinn, an dass do hätt misste virgesi ginn, dass déi Kommissioun, déi déi Décisioun hëlt, fir en interne Reclassement ze maachen, hätt missten de Loun fixéieren, deen deejéinegen dann nach sollt vum Patron kréien.

Am Fall vum Reclassement externe, wann de Patron also refuséiert, ob begrënnt oder onbegrënnt, do si jo dann erëm Pénalitéiten domat verbonnen, gëtt jo dann eng

Aart Invaliderent bezuelt, déi awer keng richteg Invaliderent ass. Et ass esou wéi mam Canada Dry, „ça lui ressemble, mais ce n'est pas de l'alcool". Et ass net gekläert, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro vun der juristescher Natur vun där Invaliderent do. Ech mengen, dass d'LSAP Recht huet déi Froen hei opzewerfen an engem Amendement.

Éischtens muss de Bénéficiaire jo disponibel fir den Aarbechtsmaart sinn. Dat ass jo normalerweis net de Fall vun engem Invaliderentner, dee brauch net disponibel ze si fir den Aarbechtsmaart. Zweetens, mengen ech, wa mer esou déi Indemnité de réinsertion, déi jo soll equivalent mat enger Invaliderent sinn, definéieren, dann ass et jo awer kloer, dass déi auslännesch Organismes de sécurité sociale, déi eventuell mussen décidéieren, ob en Assuré och no hirem Recht invalid ass, awer séier Tendenz hu fir ze soen: „Dat do ass eng Indemnité spéciale. Dat huet eigentlech méi mam Aarbechtsrecht ze dinn, wéi mat der Sécurité sociale. Mir accordéieren op jidde Fall d'Invaliderent net."

Do besteet d'Gefor natierlech, dass déi Leit, d'Frontalieren oder Leit, déi laang am Ausland geschafft hunn, dann awer de Risque hunn, dass se eng relativ kleng Invaliderent hei zu Lëtzebuerg kréien an am Ausland guer näischt.

Mir hätten eis prinzipiell gewënscht, dass aner Weeër gaange gi wieren. Et hätt ee sech alternativ Léisunge kënne virstellen iwwerhaapt wat déi ganz Prozedur ugeet. Et hätt een zum Beispill kënne soen: Zur Halschent gëtt eng regelrecht vollwäerteg Invaliderent ausbezuelt, déi jo der effektiv deelweiser Invaliditéit op där anerer Aarbechtsplaz entspréicht, an zur aner Halschent gi mer de Chômage, opgrond vun deem, wat de leschte Loun war. Mir ginn de Chômage bis zur Altersgrenz, wa kee Reclassement kënnt, wa mer et net fäerdeg bréngen, dee Mann oder déi Fra erëm ze reclasséieren um Aarbechtsmaart. Dat wär wahrscheinlech vill méi eng équitabel Léisung gewiescht.

Esou wéi de Projet elo ausgesäit, si mir der Meenung, dass en eng zäitweileg Hëllef bedeit fir vill Leit. E ka mat Sécherheet kengem schueden, dee Gesetzesprojet hei. En ass besser wéi näischt. E bréngt awer vill nei Problemer an der Praxis. Do ass guer keen Zweifel. Et wäerte vill gewerkschaftlech Konflikter ginn a Litigen op de Sozialgeriichter, déi mat der Interpretatioun vun deem dote Gesetzesprojet zesummenhänken. Ech mengen, dass dee Projet muss an Zukunft grondsätzlech verbessert ginn, an duerfir ass et ze begréissen, dass en Débat nach eng Kéier soll, no enger gewësser Zäit, stattfannen, fir ze kucke wéi an der Praxis dee Projet ausgesäit.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet nach d'Wuert gefrot.

3. Dépôt d'une motion

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, erlaabt mer fir d'éischt bei dëser Geleeënheet, fir eng Motioun ze deponéieren am Zesummenhank mat der Informatioun vun de Rentner, wat déi Renten ubelaangt, déi se elo ausbezuelt hunn, wat d'Resultat vum Rentendësch ass.

Motion

D'Deputéiertechamber

- *stellt fest, datt d'Pensioune vum Juli mat deenen de 5. Juni gestëmmten Augmentatiounen ausbezuelt goufen;*
- *stellt fest, datt dës Pensiounen ouni weider Explicatioun ausbezuelt goufen;*
- *stellt fest, datt dëse Mangel un Transparenz eng Onmass - berechtegt - Nofroe mat sech gezunn huet;*
- *iwwerzeegt dovun, datt de Bierger e Recht op objektiv an novollzéibar Informatiounen huet, wat d'Zesummesetzung vu senger Rent ugeet;*

fuerdert d'Regierung op

- *de Rentner, mat all Änderung vun hire Renten, e Blat mat detailléierten a verständlechen Informatiounen iwwert d'Zesummesetzung vun der jeeweileger Rent an hirem Berechnungsmodus zoukommen ze loossen.*

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombera, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

4. Projet de loi 4872 concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle *(Suite)*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut diskutéiere mer erëm iwwer eng Schwéiergebuert, déi véier Joer gedroe ginn ass, obwuel datt se hätt kënnen ouni Césarienne op d'Welt gesat ginn.

Dëst Gesetz ass am Fong entstanen duerch eng Jurisprudenz, déi den 28. November 1996 déi flexibel Interpretatioun vum Artikel 187 vum Code vun der Sozialversécherung total op d'Kopp geheit huet. Den Artikel 187 vum Code seet: „Et ass een invalid, wann ee seng lescht Aarbecht net méi kann ausféieren oder eng Aarbecht, déi engem senge physesche Fäegkeeten entspréicht."

Virun där Jurisprudenz ass den Artikel 187 awer esou gehandhaabt ginn, dass een, dee seng lescht Aarbecht net méi konnt ausféieren an dat mat engem medezineschen Avis konnt begrënnen, als invalid erkläert ginn ass. Dës Interpretatioun huet jorelaang jiddfereen hei am Land arrangéiert, besonnesch awer d'Wirtschaft an un der Spëtzt d'Groussindustrie, fir hire Personalof-